Gedenkfeier um"Widdem".

Kamerad Olsem Emile, Organisationspräsident, begrüsst die Anwesenden und dankt im Namen der Kayler Sektion. Auch die französischen und belgischen Gäste heisst er willkommen, und schliesst mit den Worten:

" Si dans quelques instants nous déposerons les fleurs auprès de ce Monument au Morts, nous ne penserons pas seulement à nos camarades luxembourgeois non rentrés, mais aussi à nos camarades français et belges non rentrés. Ils sont unis dans cette union, qui nous unit tous nous ne les oublierons jamais"

Anschliessend ergreift Herr Burgermeister J.Kauffmann das Wort und drückt seine Befriedigung aus dass die diesjährige Journée Commémorative in Kayl stattfinden konnte. Dieses Ereignis wird in unsere Lokalgeschichte eingeh und selbstverständlich mit den daraus sich ergebenden Verpflichtungen. Als Zwangsrekrutierter fühlt er sich eng verbunden mit seinen Kameraden und hofft dass deren Problemer baldigst gelöst werden.

Darauf schritt er zur Enthüllung des Monumentes. Seitens der Gemeinde und Lokalsektion wurden zwei prächtige Kränze niedergelegt.

Herr Pfarrer Carmes nahm die Einsegnung vor, assistiert von Herrn Chanoine Dupong und Kamerad Abbé Jean Bichler.

Nach diesen Zeremonien erhält Herrn Georges Bourgeois, président départemental du Groupement de l'Association des Evadés et Incorporés du Haut Rhin, das Wort. In einer markanten Rede in welcher er alle Zuhörer an sich fesselte führte er unter anderm aus:

"j'apporte l'hommage fraternel de 35.000 fraInçais rescapés."

Dann streift er kurz die Bemühungen welche von bestimmter Seite unternomme werden um den Zwangsrekrutierten ihre Rechte vorzuenthalten und wiederholt ein weiteres Mal dass den französichen enrôlés de force die Ehrenbezeichnung "morts pour la France" seit Jahren zustehe und fährt fort:

"devant ce monument il n'est pas admissible de proférer des paroles de haine, il faut prêcher la solidarité, il faut se tenir les mains par dessus les frontières, nos morts exigent que nous pratiquons la vertu, rendons un ultime hommage"

Herr Bourgeois erhielt einen begeisterten Applaus.

Anschliessend ergreift unser Nationalepräsident Kamerad Jos.Weirich das Wort.

Im Namen seiner Kameraden aus dem Föderationskomitee und in seinem eigene dankt er allen für die zahlreiche Beteiligung an der heutigen Journée Commémorative und besonders für die grosse Anteilnahme am Umzuge (die Anwesenden wurden auf 2000 geschätzt) und geht dann zum eigentlichen Problem über.

" Mir hun virun e puet Me'nt eng weider Etappe an der Réalisation vun ons Problémer ofgeschloss. Dén En mengt vleicht mir wären schlecht iwert Zielband komm, dén Aneren ass begéschtert. Mir vun Zentralkomitee sinn zefridden. Ons Gégner können op jidder Fall net triomphe'eren; ons Opspleckung oder wât sie nach le'wer gesinn hätten onsen Ennergang ass aus bliwen. Ech mengen ons Memberen hun haut erem eng Ke'er bewisen dass sie nach wie vor bei der Stâng sinn. An och ons Organisationen selwer hun an dénen leschten Me'nt bewisen dass sie sech och op glâtem Terrain zu recht fannen.
Eng weider Tatsach ass de', dass ons Organisationen net me' aus dem öffentleche Liewen hei an onsem Land eweg ze denken sinn.
Mir waren ons Konsequent bis haut. Mir hun dat réalise'ert wat mir virau gesot hun."

Er erwähnt den uns betreffenden Absatz im Regierungsprogramm der neuen

"les deux partis sont d'accord pour doter les enrôles de force d'un statutlégal les définissant comme vistimes du nazisme et éliminant d'éventuelles discriminations avec d'autres victimes patriotiques.

Mir kruten no den Wahlen, ech beto'nen et hei, no den Wahlen, an der Chamber un onse Parteien Zo'secherungen gemât.

Et ass elo un ons dofir ze suergen dass sie net vergiess ginn an dass sie eso' se'er we' me'glech réalise'ert ginn. An virun allem dass sie virun den nächsten Wahlen réalise'ert ginn."

Dann erläutert er die Aktivität der internationalen Föderation der Zwangsrekrutierten und verspricht sich in nächster Zeit Erfolge.

Kamerad Jos schneidet dann ein Problem an was wie er sagt " ons me' Suerge mecht".

Et tröfft ons hart wann emmer erem an wann och nemmen vun enger klenger Minorite't et ass, wann d'Undenken un ons onglecklech Komeroden de' net me' hém ko'men ugegraff gött.
An ass et net gleich onverständlech wann de Président vun der Amicale vun Dachau an senger Ried vum 19.Joersdag vun der Liberation zu Befort folgend Wierder gebraucht huet:
il incombe donc à présent à tous les déportés et tous les occupants des différents camps de concentrations et spécialement à vous tous, les anciens de Dachau de se regrouper pour contrecarrer les velléités les désirs de tous ceux qui s'intitulent lesenrôles de force.

Ma mir froen ons wât färten dach ons Kazetler vun ons Zwangsrekrute'erten Mir hun nach nie hir Revendikationen beanstandet, mir hun nach nie hir E'er attake'ert an mir hun virun allem ons nach nie öm hir Sâchen bekömmert.

A wann dén Här ausdrecklech beto'nt dass hien Président vum Ordre de la Résistance ass, an senger Ried weidr behâpt:

" mais comme ces manifestations deviennent de plus en plus spectaculaires et violentes, il est grandement temps que l'esprit de la résistance reveille et prenne ouvertement parti à l'encontre de ces revendications saugrenues qui en fin de compte veulent faire attribuer une médaille de reconnaissance à tous leurs membres."
Dan froen mir ons op dén Président eso' schlecht informe'ert ass oder op em einfach schlechte Wöllen ass.

Mir hun nach nie eng Medaille fir ons verlângt an verlângen och keng.Mir sinn iwerzécht dass mir ons Pflicht am Krich égal wo' mir stungen gemât hunn an mir lôssen och net zo' dass des Haltung kritize'ert gött. An onse Projet du Statut eng Medaille de Reconnaissance virgesinn âwer net fir ons au contraire mir hätten gären dass onse Staat also ons Hémecht de' Leit de' onse Jongen am Krich gehollef hun öffentlech merci seen sét fir dât wât sie gemât hun. Et ass also just fir de' Leit de' sech am Krich fir ons geaffert hun de' ons gehollef hun iwert d'Grenz kommen de' ons gehollef hun ze nieren an de' ons hei verstoppt hun de' fir ons vleicht an d'Kazett gângen sinn an gestuerwen sinn dass ons Hémecht öffentlech soll dénen Leit en Dank ausspriechen.

Mir hun onst vis à vis vun dénen Leit schons gemât. Mä mir sinn der Ménung dass och onse Staat endlech döss schold muss ofdroen. Mir wössen we' schwe'er et war am Krich ons Jongen enner dâg brengen a mir können dofir net verstoen dass et haut Leit gött de' behâpten mir hätten ons können alleguer der deitscher Uniform entze'en. Ech froe mech wo' waren dann iwerhâpt de' Leit am Krich. Waren sie iwerhâpt hei an onsem Land; hun sie iwerhâpt de' Angscht an de' Situationen kannt so' we' se hei woren. Et leit mir fären hei der Residenz e Reproch ze mâchen. Au contraire mir alleguerten mir sinn der Residenz zo de'wem Dank verpflicht. An ech gléwen och kaum dass jé en Jong dât vergösst. Mäwevill Jongen wann

sie op Urlaub komm sinn an vleicht emol net wossten un wien se sech hätte solle richten, an wann se och nach én fond hâtten dén him éventue hâtt könne virun höllefen dann huet en gesot kritt et gét net, sie hun keng Plâtzen me', et ass dese Moment ze gefe'erlech fir iwert d'Grenzen ze goen, mir hun kén Pass, mir hun keng Verstopp me' an dann ass den Jo erem gângen. An wo' ass dén dén haut dém Jong de Stén wollt werfen. We' gesot, mir op jidde Fall mâchen onse Leit de' ons gehollef hun oder wollten höllefen kén Reproch. Awer ech fannen et awer och onfair dass s dann Leit fannen de' ons wöllen Reprochen mâchen. An ech wiederhuelen nach eng Ke'er, wössen de' Leit we' et iwerhâpt am Krich heiwar. Wössen de' Leit we' et zu Nidderkuer an an der Emge'gend geziddert ass ginn, we' et op eng Ke'er gehéscht huet den Hondsbösch d'Galeree ass verroden an we' et gegöllt huet an enger Nuecht 100 Jongen ze verstoppen. Kennen de' de' haut eso gro'ss te'nen all de' Schwieregkéten de' démols bestun Et ass och virwât et fir ons e gro'ssen Tro'scht ass dass de' Leit de' ons tatsächlech am Krich gehollef hun de' tatsächlech am Krich matt ons zu Letzeburg gebangert hun net am Stech geloss hun au contraire dass de nach wie vor alleguerten zu ons stinn an matt ons durch Döck an Dönn ginn.

An mir alleguerten sinn och dese Leit dankbar an mir wöllen och eso' la we' mir liewen ons dénen Leit vis à vis erkenntlech weisen. An och well et schon ne'deg ass och no baussen an no alle Richtungen proklame'ren. Bei onser leschter Journée Commémorative zu Letzeburg hun mir onsem Här E'représident Den Här Professer Oster onse Ruban en Or des Enrôlés de Force iwerrécht. Och dösst Joer wölle mir vun deser Gelégenhét profite'ren fir weider verschidde Leit an aller Oeffentlechkét onse Merci auszespriechen."

Der Präsident greift in kurzen Worten die Ursachen und Verdienste der 4 Personen welchen der " Ruban en Or des enrôlés de force" dieses Jahr zugesprochen wurde.

Es sind:

Früherer Innenminister Pierre Grégoire
für die Verwirklichung der Zusprache des Titels "Mort pour la Patrie" an unsere gefallenen Kameraden.

Monsieur Georges Bourgeois
député
Président du Conseil général du Haut Rhin
Président départemantal du Groupement de l'Association des Evadés et Incorporés de Force du Haut Rhin

Monsieur Georges Nonnenmacher
Conseiller Juridique de la Fédération Internationale
Premier prix des droits internationaux privés
diplomé de l'Académie des droits internationaux de La Haye

Dr. Schroeder
konsequent wie er im Kriege zu "seinen" Jongen" stand, so stand er auch gleich nach der Befreiung zu ihnen, wie auch heute noch. Seine Bemühungen um die Verletzten und Kranken brachte ihm mit Rec Recht den Namen "Papp vun den Mutile'erten"

Allen Geehrten dankten die Anwesenden mit grossem Applaus.

Als dann gedenkt unser Nationalpräsident allen unglücklichen Kameraden welche die Heimat nicht wieder gesehen haben. Nachstehend einige Auszüge aus den ergreifenden Worten:

"Le'w Komeroden, de' dir d'Chance net hât ons Hémecht erem ze gesinn, begruewen hei an onsem Hémechtsbuedem oder dobaussen an russescher Stepp oder an afrikaneschem Sand mir stinn haut hei fir ärer ze gedenken. Mir stinn hei fir iech ze beweisen, fir onsem Land ze beweisen an der ganzer Welt, dass mir iech net vergiess hun an mir ruffen iech zo', mir vergiessen iech nie...

Mir stinn zu iech, geschter, haut muer an emmer,, är E'er ass ons E'er, a mir schummen ons net, virun aller Welt ze behâpten dass dir am Krich är Pflicht vis à vis vun onser Hémecht voll a ganz erföllt hut, an mir verlângen e'erlech respektvoll a gesetzlech d'Unerkennung vun ärer Haltung durch onse Staat a vun alle Natione

An wann mir haut d'Hand zum Schwuer erhiewen dass ass et well mir als eng Generation vun Letzeburger an onser Jugend gele'ert hun, m onsen Elteren, Geschwester, Familgen an Frenn wât dât Wuert Hémecht hésch, wât et hésch fir seng Hémecht ze leiden an ze bludden a wâ et hésch e Kand, e Mann, e Brudder oder Komerod ze hun dén fir d'Hémecht sein Liewen geloss huet.

Le'w Komeroden! schloft ro'eg. Mir hun zesummen matt iech gelidden gekrasch, gebied a gebludd a mir stinn och haut nach zu iech. Aert Undenken gét ons iwer alles a mir verspriechen iech dass mir suerge dass ären Affer net emsoss war. Dass âre Géscht gee'ert an e'erlech unerkannt an engem freie Letzeburg kann sech wuell fillen. "

## Die Verleihung des "Ruban en Argent des enrôles de force" an verdienstvolle Mitglieder

Nach dem Mittagessen ergreift Kamerad Jos. Weirich das Wort und erklärt dass ihm als Vizepräsident der Association des Enrôles de Force, victimes du nazisme (durch die Demission von Kamerad Tix Roby freigewordene Präsidenteposten wurde noch nicht wieder besetzt) die ersten Ueberreichungen des"Ruban en Argent des enrôles de force" zugefallen. In Zukunft würde das Zentralkomitee verdienstvolle Mitglieder seinen Dank durch diesen Ruban en Argent ausdrücken. Ein Statut über diese Zuerkennung werde allen Sektionen zugeleitet. Für diese erste Gelegenheit wurde Beschlossen die Zahl auf 30 zu beschränken. Es wurde zuerst an die Begründungsmitglieder und heute noch aktiven Vorstandsmitglieder der "alten Sektionen"gedacht. Es sind Rümelingen, Düdelingen und Diekirch. Weiter an Vorstandsmitgliedr solcher Sektionen welche die jährlichen Journée Commémorative organisierten, Fahnenweihungen, Errichtung von Gedenkstätten uns besonders hervorragende Festlichkeiten. Nachdem Kamerad Jos diese Erklärungen abgegeben hatte, verlas Kamerad Abbé Jean Bichler die Namen der Geehrten und Herrn Bürgermeister Jules Kauffmann, selber Zwangsrekrutierter, heftete einem Jeden die Silbernadel an.